Séance académique du 1er février 2010
Discours de Mme Françoise Hetto-Gaasch
Ministre de l'Egalité des chances

Altesses Royales,
Léif Gäscht,

Merci, datt Dir den Owend un dëser Feier deelhuelt. Ech sinn frou, datt sou vill Leit aus alle Beräicher vun der Gesellschaft sech fir d'Thema vun der Gläichstellung vu Männer a Fraen interesséieren. Ech hoffen, datt Dir alleguerten un der Ëmsetzung vum Plan d'action national de l'Egalité des femmes et des hommes deelhuelt. D'Regirung huet dësen de Mëtteg matt villen vun Iech discutéiert.

D'Madame Flesch huet eis an hirer Interventioun gewisen, wéi laangwiereg de Prozess fir d'Gläichstellung vun Männer a Fraën ass, an trotzdeem ass vill geschitt an de lëschten 60 Joer.

Wivill Ausdauer ee muss hunn, wees meng Virgängerin d'Marie-Josée Jacobs.

Ech soën Dir, Josée , am Numm vun eis all villmols Merci fir den Asatz an di geleeschten Aarbecht an de lëschten 15 Joer.

Am neien Traité vun der europäescher Unioun, Traîté vu Lissabon genannt, steet ganz kloer am Artikel 2, datt d' Fundament vun der Unioun op dem Respekt vun der Dignitéit vum Mënsch, der Fräiheet, der Demokratie, der Gläichheet, dem Rechtsstaat, de Mënscherechter, fousst.

D'Gläichstellung vun Fraen a Männer betrëfft 100% vun der Populatioun an de Staat huet d'Missioun dës Gläichstellung virun ze dreiwen. All Zorten vun Discriminatioun mussen bekämpft ginn.

Der Regirung hir Prioritéiten sin am Plan d'action national de l'égalité des femmes et des hommes festgehalen, deen de 15.Januar 2010 ugehool ginn ass.

D'Geschlecht ass en iwwergräifend Thema. D'Method oder d'Stratégie, fir dës politesch Aufgab ëmzesetzen, ass den Gender mainstreaming. Et geet drëm ze kucken, wéi d'Moossnahmen an d'Gesetzer sech op d'Fraën an op d'Männer auswiirken. Ginn Ennerscheder festgestallt, muss réagéiert gin. D'Atelierën vun de Mëtteg hu gewisen, datt et bei all Moossnahm vill Acteuren oder Actricen gët, déi eng Responsabilitéit an der Emsetzung hun.

Just e puer Beispiller:

- Wien ass vum Thema Lounongläichheet zwëschen Fraën a Männer betraff?
D'Fraën, d'Patronën, d'Syndicater, d'Ministèren (Travail, Economie, Classes moyennes, Securité sociale), d'Schoulen an der Orientation professionnelle.

D’Medien spillen eng nët onwesentlech Roll an der Duurstellung vunn der Fräenaarbecht par Rapport zu der Männeraarbecht- obschon dës Clichéeën haut vereenzelt duurchbrach ginn. Ech denken un de Spillschoulmeeschter, den Hiewamm, d’Schaarchtegbotzerin, d’Elektonikerin.

- Virwat notzen sou wéineg Männer de Congé parental ? Dat ass kloër e gesellschaftleche Problem. Männer wëllen dat traditionnelt Rolleverständnis änneren! D’Pappen si betraff. De Staat huet Rahmenbedingungen geetzlech festgeluecht. D’Patronën an d’Syndicater kënnen, sollten, missten dësen gesellschaftlechen Prozess begleeden.

- Virwat ass di gläich Représentatioun oder Partizipatioun vun Fräen a Männer an den Décisiounsgremien vun der Politik an der Wirtschaft nach ëmmer problematësch? Et ass eigentlech eng Fuederung, di an eisen demokrateschen Länner normal misst sinn .Vill vun den Acteuren an Actricen an dësëm Aktiounsfeld sinn den Owend hei vertrueden.

- Wéi gët Thema vun der Gläichstellung vunn Fraën a Männer interprétéiert? Als e rengt Fräenthema? Oder als e Mënscherechtsthema? D’Acteuren an d’Actricen heizou si mir all. Iwwerall wou mir sinn, kënne mir zur Gläichstellung bäidroen.

Mir hatten dräi Atelier de Travail. D’Madame Renée Wagener, den Här Maurice Molitor an den Här Marc Müller hunn dës matt vill Kompetenz geleed.

Dir Dammen an Hären,

ech géif gär an Zukunft mat Iech all en Austausch féieren iwwer d’Gläichstellung vun Fraen a Männer zu Lëtzebuerg. Ech hoffen op Är Matthellef bei der Emsëtzung vum Plan d’égalité des femmes et des hommes. Ech verweisen op dem Här Lehners seng Ausféirungen,datt Thema e Menscherechtsthema ass. Seng Emsetzung verlaangt e kollektivt Handlen, also datt Dir Iech aktiv bedeelegt.

Merci fir Är Präsenz.

En decke Merci fir d’musikalesch Gestaltung geet un di jonk Museker an un hiren Dirigent Pol Mootz.

Altesses Royales,
Ech hoffen, datt mir an Zukunft, sou wéi Dir dat bei menger Virgängerin Marie-Josée Jacobs, gemaach hutt, op Är Ennerstetzung ziele kënnen. Mir brauchen dës Ennerstëtzung, si gët eis e staarken Reckhalt.

Léif Gäscht,
ët bleiwt mir nach just Iech op eis Rézeptioun am Kräizgaang ze invitéieren.

Ech wënschen Iech ureegend Gespréicher iwwer d’Gläichstellung vun de Fraen a Männer hei zu Letzebuerg.